/ ÉB 19 / LUXEMBOURG

C1. Sid Dir Lëtzebuerger?
WANN NEE: NET WEIDER ENQUETEIEREN
1 - jo
2 - nee

C0. Wéieng Sprooch schwätzt Dir an Ärem Stoot?
1 - franzéisch
2 - déitsch
3 - lëtzebuergesch
4 - aner

C1. Sid Dir am Allgemengen mat dem Liewen dat Dir féiert ganz zefridden, éischter zefridden, éischter nët zefridden oder guer nët zefridden?
1 - ganz zefridden
2 - éischter zefridden
3 - éischter nët zefridden
4 - guer nët zefridden
0 - ?

C2. Sid Dir am Allgemengen ganz zefridden, éischter zefridden, éischter nët zefridden oder guer nët zefridden mat der Art a Weis wéi hei zu Lëtzebuerg d'Demokratie fonktionnéiert?
1 - ganz zefridden
2 - éischter zefridden
3 - éischter nët zefridden
4 - guer nët zefridden
0 - ?

C3. Wéi mengt Dir dat d'allgemeng Wirtschaftslag sech hei am Land, während denen leschten 12 Méint, geännert huet?
Mengt Dir sie wir ...
1 .. vill besser gin
2 .. e bëschen besser gin
3 .. d'selwecht bliwwen
4 .. e bëschen manner gut gin
5 .. vill manner gut gin
0 .. ?

C4. As d'Finanzlag vun Ärem Stot, am Vergläich mat viru 12 Méint, am Moment ...
1 .. vill besser
2 .. e bëschen besser
3 .. d'selwecht
4 .. e bëschen manner gut
5 .. vill manner gut
0 .. ?

C5. An allen europäieschen Länner ass haut vill Chômage. Mengt Dir dat de Chômage praktësch verschwënd, wann et an der Ekonomie besser geet, oder mengt Dir dat, souguer wann et an der Ekonomie besser geet, de Problem vum Chômage bestoen bleiwt?
1 - verschwënd wann et an der Ekonomie besser geet
2 - de Problem vum Chômage bleiwt bestoen
0 - ?

C6. Wann Dir ënnert Frënn sid, kënnt et do fir dat Dir iwert grouss Gesellschaftsproblemer diskutéiert, (ewéi zum Beispill Mënscherechter, Aarmut, Drëtt Welt, Gläichberechtigung vun Mann a Fra)? Geschitt datt ...
1 .. oft
2 .. heiansdo
3 .. nie
0 .. ?

C7. Wann et sech em eng Menong handelt déi Iech zu Härze geet, kënnt et do fir dat Dir Är Frënn, Är Famill oder Är Aarbechtskollegen dervun iwerzeegt Är Menong unzunuelen? Geschitt dat ...
1 .. dacks
2 .. heiansdo
3 .. selen
4 .. nie
0 .. ?

C8/ Gët et an dëser Lëscht Organisatiounen wou Dir Member sid? ENQUETEUR: KAART A WEISEN KOLONN 128
C9. An fir wéieng maacht Dir onbezuelten Fräiwëllegeraarbecht. KOLONN 129

| | 128 Member | 129 Fräiwëllegeraarbecht |
|---|---|---|
| - Sozial Hëllefsgruppen, Wohltätegkeetsorganisatiounen | 1 | 1 |
| - Religiéis- oder Parorganisatiounen | 2 | 2 |
| - Kulturell- Edukatif- oder Konschtgruppen | 3 | 3 |
| - Gewerkschaften oder Berufsorganisatiounen | 4 | 4 |
| - Politesch Parteien oder Bewegungen | 5 | 5 |
| - Organisatiounen déi sech em Mënschenrechter zu Lëtzebuerg an am Ausland bekëmmeren | 6 | 6 |
| - Naturschutz, Déierenschutz, Mouvement Ecologique | 7 | 7 |
| - Jugendorganisatiounen (Scouten, Guiden, Club des Jeunes etc.) | 8 | 8 |
| - Konsumentenschutz | 9 | 9 |
| - Fraenassociatiounen | X | X |
| - Sportsveräiner | Y | Y |
| - Keng dervun | 0 | 0 |

30. An ausser dësen Associatiounen a Cluben, iwert déi mir elo geschwat hun, ennernuelt Dir regelméisseg eppes mat engem oder méi Gruppen vun Frënn a Bekannten?
WA JO: Ass dat ee Grupp oder sin dat méi Gruppen?
1 - jo, een Grupp
2 - jo, méi Gruppen
3 - nee: WEIDER MAT FRO 133 →

31. Wat maacht Dir an dësen Gruppen?
1 - kulturell Aktivitéiten (Visiten, Couren, Virtreeg, Virstellungen etc.)
2 - Kaarten- oder Gesellschaftsspiller
3 - Sport, Aktivitéiten am Fräien
4 - Reesen
5 - zesummen iessen an drënken (Diner, Party, Apéritif)
6 - Hobbien, Konscht an Handaarbecht (Molen, Keramik, Musek etc.)
7 - aner: NOTER ...............
0 - ?

ILReS

132. Sin an dësen Gruppen ...

1 .. Männer an Fraen
2 .. nëmmen Männer
3 .. nëmmen Fraen
0 .. ?

133. Et kënnt fir dat Leit an der Offentlechkeet demonstréieren fir hir Gefiller an Menongen auszedrëcken?
Hut Dir selwer schon manifestéiert?

1 - jo
2 - nee
0 - ?

134. An géingt Dir et hautdesdaags maachen?

1 - jo
2 - vlëicht
3 - nee
0 - ?

135. D'Plaatz vun der Fra an der Gesellschaft, verglach mat déer vum Mann, gët hautdesdaags oft diskutéiert.
Denkt Dir dat an eiser Gesellschaft e Problem fir Fraen besteet oder nët? An wéi wichteg ass dee Problem.
ENQUETEUR: KAART B WEISEN
"0" heescht dat et kee Problem ass, an "10" heescht dat e ganz wichtegen Problem ass.

| | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Keen Problem | 0 | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 | E wichtegen Problem |
| | 0 | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | X | ? = blank |

136. Hun Ärer Menong no, Fraen déi fuerderen, dat et an der Gesellschaft manner Ennerscheeder zwëschen de Rollen vun Männer an Fraen soll gin, Recht oder Onrecht?

1 - Recht
2 - Onrecht
0 - ?

137. Et gët och iwert Verdeelung vun den Rollen an der Famill diskutéiert. Hei sin dräi Typen vun Familjen: wéieen kënnt Ärer Idee iwert Famill am noesten? ENQUETEUR: KAART C WEISEN

1 - Eng Famill wou déi 2 Partner e Beruf hun, dee se am gläichen Moos an Usproch hëlt, an wou d'Versuergen vun Haus a Kanner gläich zwëschen denen zwee Partner verdeelt ass
2 - Eng Famill wou d'Fra eng manner belaaschtend Aarbecht huet ewéi de Mann, an wou sie sech méi ewéi de Mann em d'Versuergen vun Haus a Kanner bekëmmert
3 - Eng Famill, wou de Mann eleng e Beruf huet an wou d'Fra de Stot mecht
4 - Keen vun dësen dräi Typen vu Familjen
0 - ?

138. Huet Dir am Moment eng bezuelten Beschäftegung?

1 - jo ⟶ WEIDER MAT FRO 139.
2 - nee ⟶ WEIDER MAT FRO 153.

HUET ENG BEZUELTEN BESCHÄFTEGUNG:

139. Ass et eng bezuelten ...

1 .. Vollbeschäftegung FRO 140. (op d'mannst 30 Stonnen an der Woch)
2 .. Deelbeschäftegung FRO 141.
0 .. ?

140. WANN VOLLBESCHÄFTEGUNG: Hätt Dir léiwer eng Deelbeschäftegung fir manner Suen?

1 - jo
2 - nee
0 - ?

141. WANN DEELBESCHÄFTEGUNG: Hätt Dir léiwer eng Vollbeschäftegung?

1 - jo
2 - nee
0 - ?

FIR ALLEGUER DEI DI ENG BEZUELTEN BESCHÄFTEGUNG HUN

142. Wann Dir genuch Suen hätt, fir esou gut ze liéwen ewéi Dir wëllt, géingt Dir dann awer firun schaffen goen?

1 - jo
2 - nee
0 - ?

143. Schafft Dir fir e Patron, selbstännech oder am Familienbetrieb?

1 - fir e Patron
2 - selbstännech
3 - Familjenbetrieb
0 - ?

144. UN D'MÄNNER: Dat Dir e Mann sid, war dat ëischter e Virdeel oder ëischter e Nodeel an Ärem Berufsliéwen?
UN D'FRAEN: Dat Dir eng Fra sid, war dat ëischter e Virdeel oder ëischter e Nodeel an Ärem Berufsliéwen?

1 - Virdeel
2 - Nodeel
3 - keen Afloss (NET VIRSOEN)
0 - ?

145/149. Géing Dir soen, dat déi momentan Situatioun, vun denen berufstätegen Fraen ronderëm Iech, am Vergläich mat der vum Mann, ëischter besser oder ëischter méi schlecht oder d'selwecht ass fir déi folgend Punkten?

| | ëischter besser | ëischter méi schlecht | selwecht | ? |
|---|---|---|---|---|
| 145. D'Zuel an Villfältegkeet vun de Berufer déi hinnen opstin | 1 | 2 | 3 | 0 |
| 146. D'Méiglechkeet eng weider Berufsausbildung ze maachen | 1 | 2 | 3 | 0 |
| 147. De Verdéngscht | 1 | 2 | 3 | 0 |
| 148. Sécherheet vun der Aarbechtsplaaz | 1 | 2 | 3 | 0 |
| 149. Méiglechkeet virun ze kommen | 1 | 2 | 3 | 0 |

150/ 152. Fir jidvereen vun denen folgenden Punkten, kënnt Dir mir do soen, ob et fir Är Aarbecht zoutrëfft oder nët:

| | trëfft zou 150 | trëfft nët zou 151 | ? 152 |
|---|---|---|---|
| - d'Aarbecht ass nët interessant | 1 | 1 | 1 |
| - ech verdengen gudd | 2 | 2 | 2 |
| - meng Fähegkeeten gin gudd benotzt | 3 | 3 | 3 |
| - ech hun Chancen virun ze kommen | 4 | 4 | 4 |
| - ech sin mid um Enn vum Daag | 5 | 5 | 5 |
| - d'Léit haalen nët vill vun menger Aarbecht | 6 | 6 | 6 |
| - ech hun vill Verantwortung op menger Aarbecht | 7 | 7 | 7 |
| - meng Aarbecht lëist mer genuch Freizäit fir aner Saachen ze maachen | 8 | 8 | 8 |
| - ech hätt gären méi Verantwortung op menger Aarbecht | 9 | 9 | 9 |

ENQUETEUR : WEIDER MAT FRO 160

HUET KENG BEZUELTEN BESCHÄFTIGUNG code 2 bei Fro 138

153\. Sicht Dir eng Aarbecht?
1 - jo — Fro 154
2 - nee — Fro 156
0 - ?

154\. WA JO: Wat hätt Dir am lëiwsten: eng Vollbeschäftigung oder eng Deelbeschäftigung?
1 - Vollbeschäftigung
2 - Deelbeschäftigung
0 - ?

155\. Wann Dir genuch Suen hätt, fir esou gutt ze liewen ewéi Dir wëllt, géingt Dir dann awer gären eng Aarbecht fannen?
1 - jo
2 - nee
0 - ?

Hat Dir schon eng bezuelten Beschäftigung a, wa jo, wéilang ass dat hir, dat Dir nët méi schafft?
1 - bis a puer Méint
2 - 6 Méint bis 1 Joer
3 - 2 bis 3 Joer
4 - 4 bis 5 Joer
5 - 6 Joer oder méi
6 - hat nie eng bezuelten Aarbecht
0 - ?

157\. Huet Dir eng onbezuelten Berufsbeschäftigung? zum Beispiel: Dir helleft Ärem Mann, Ärer Fra, Dir schafft am Familjenbetrieb (Bauernhaf, Handwierk, Geschäft etc.)
1 - jo
2 - nee
0 - ?

NEMMEN UN D'FRAEN FRO 158 + 159

158\. Huet et Iech schon leed gedoen, dat Dir keng bezuelten Beschäftigung huet?
1 - oft — FRO 159
2 - heiansdo — FRO 159
3 - rar — FRO 160
4 - nie — FRO 160
0 - ? — FRO 160

159\. Firwat huet Dir keng bezuelten Beschäftigung? Kuckt w.e.g. op dëser Lëscht [ENQUETEUR: KAART D WEISEN] an soet mir den wichtegsten Grond? (NEMMEN ENG ENTWERT MEIGLECH)
1 - ech konnt keng Aarbecht fannen
2 - mäin Mann hat lëiwer dat ech doheem bleiwen
3 - ech hun an der Zäit nët drun geduecht
4 - meng Familjenaufgaben hun mech dervun ofgehaalen.
5 - ech hun meng Aarbecht verluer an konnt keng aner fannen
6 - aner: OPSCHREIWEN
0 - ?

UN JIDFEREEN (mat oder ouni Berufsbeschäftigung)

160\. Sid Dir bestued (oder liëft Dir zesummen)? AN WA JO: Huet Äre Partner eng bezuelten Vollbeschäftigung (op manst 30 Stonnen an der Woch), eng Deelbeschäftigung, sicht hien eng Aarbecht oder trëfft naischt vun dësen Sachen zou?
1 - Vollbeschäftigung
2 - Deelbeschäftigung
3 - sicht eng Aarbecht
4 - naischt vun dësen Saachen
0 - ?

161\. Hut Dir eng Person, géint Bezuelung agestallt, déi Iech am Stot oder mat de Kanner hëlleft?
1 - all Daag
2 - e puer Deeg an der Woch
3 - heiansdo fir speziell Gelegenheeten
4 - nie
0 - ?

162/ 163. Ech géif eic gar wessen, wat Iech perséinlech am wichtegsten erschéngt wann Dir eng Aarbecht sicht. Hei ass eng Lëscht mat Punkten wourop d'Léit am Allgemengen oppassen, wat hir Aarbecht ugeet. Wat ass fir Iech perséinlech dat wichtegst an wat ass dat zweetwichtegst? [ENQUETEUR: KAART E WEISEN]

| | wichtegst 162 | zweetwichtegst 163 |
|---|---|---|
| - e gudden Verdéngscht | 1 | 1 |
| - eng fest Plaatz ouni Risk entloess ze gin | 2 | 2 |
| - mat Léit schaffen, déi Iech sympathesch sin | 3 | 3 |
| - eng Aarbecht, déi Iech d'Gefill gët eppes geleescht ze hun | 4 | 4 |
| - eng Deelbeschäftigung | 5 | 5 |
| - eng Aarbecht mat flexibeler Aarbechtszait | 6 | 6 |

UN D'MÄNNER

164. Wann Dir kéint wielen, wat hätt Dir léiwer: dat Är Fra géing schaffen goen oder nët

1 - dat sie géing schaffen goen
2 - dat sie nët géing schaffen goen
0 - ?

165. An wat denkt Dir, dat Är Fra am léifsten géing maachen, wann Sie wielen kënnt?

1 - schaffen goen
2 - nët schaffen goen
0 - ?

UN D'FRAEN

166. Wann Dir kéint wielen, wat géingt dir léiwer maachen: schaffen goen oder nët?

1 - schaffen goen
2 - nët schaffen goen
0 - ?

167. An wat denkt Dir dat Äre Mann am léifsten hätt: dat Dir géingt schaffen goen oder nët?

1 - schaffen goen
2 - nët schaffen goen
0 - ?

UN JIDFEREEN

168. Wann d'Fra doheem bleiwt an séch nëmmen ëm den Stoot an d'Kanner bekëmmert, wem denkt Dir, dat Suen, déi den Mann verdengt, gehéiern? Soet mir richt eraus wat Dir denkt, ouni derno ze kucken wéi et dem Gesetz no ass. Ärer Meenong no, wat de Mann verdengt, genéiert dat ..

1 .. nëmmen dem Mann
2 .. denen zwee, awer zu engem méi groussen Deel dem Mann
3 .. denen zwee gleich
0 .. ?

169. Et gët Léit, déi soen dat zu enger Zaīt vu vill Chomâge, e Mann méi Recht op eng Aarbecht huet éwei eng Fra? Sid Dir domat ..

1 .. ganz averstanen
2 .. éischter averstanen
3 .. éischter nët averstanen
4 .. guer nët averstanen
0 .. ?

170. Wéivill, géif Dir soen, dat Dir un Politik interesséiert sid?

1 - vill
2 - zimlech
3 - nët vill
4 - guer nët
0 - ?

171. Wann Dir bestued sid (oder zesummen liewt) weivill géif Dir soen dat Äre Mann, Är Fra un Politik interesséiert ass?

1 - vill
2 - zimlech
3 - nët vill
4 - guer nët
0 - ?

172. Am Allgemengen, géif Dir soen, wat Politik ubelaangt, dat Dir mat Ärem Partner, bal ëmmer, oft, bal nie oder nie averstanen sid?

1 - bal ëmmer
2 - oft
3 - bal nie
4 - nie

173. Heiansdo gët gesot: "Politik soll éischter eng Saach vun Männer sin." Sid Dir perséinlech domat ..

1 .. ganz averstanen
2 .. éichter averstanen
3 .. éischter nët averstanen
4 .. guer nët averstanen
0 .. ?

174/178. Am Allgemengen, hut Dir méi Vertrauen an e Mann oder an eng Fra ..

| | an en Mann | an eng Fra | selwecht | ? |
|---|---|---|---|---|
| 174 .. fir Ären Autobus oder Zug ze féieren | 1 | 2 | 3 | 0 |
| 175 .. als Chirurg fir Iech ze operéieren | 1 | 2 | 3 | 0 |
| 176 .. als Dokter bei der Gebuert vun Äre Kanner | 1 | 2 | 3 | 0 |
| 177 .. als Affekot fir Iech ze verteidegen | 1 | 2 | 3 | 0 |
| 178 .. fir Iech an der Chamber ze vertrieden | 1 | 2 | 3 | 0 |

179. Wéieng Menong hut Dir iwert d'Bewegungen, déi an den lëschten Joeren gegrënnt gin sin, an denen hirt Ziel Befréiung vun der Fra ass?

1 - eng ganz gudd Menong
2 - éischter eng gudd Menong
3 - éischter eng schlecht Menong
4 - eng ganz schlecht Menong

UN D'FRAEN

180. Sid Dir Mêmber vun esou enger Bewegung, kennt Dir Iech virstellen Mêmber ze sin, oder wärt Dir absolut dergéint Mêmber ze sin?

1 - as Mêmber
2 - kënnt Mêmber sin
3 - as absolut dergéint Mêmber ze sin
0 - ?

UN ALLEGUER

217/ 222. Et gët vill an verschidden Bewegungen an Associatiounen, déi sech em d'Konditioun vun der Fra bekëmmeren, an sie gin méi oder wéineger wäit an hiren Zieler.
Kënnt Dir mir fir all Ziel aus däser Lëscht soen [ENQUETEUR: KAART F WEISEN], ob Dir perséinlech ganz, zimmlech, éischter nët oder guer nët averstanen sid?

| | | ganz averstanen | zimmlech averstanen | éischter nët averstanen | guer nët averstanen | ? |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 217. | Géint Virurdeeler kämpfen, déi am allgemengen d'Fraen an enger ennergeuerdneter Roll zum Mann wëllen halen, esouwuel an der Famill ewéi an der Gesellschaft | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 218. | Eng wirklech Gleichberechtigung vun Mann a Fra am Berufsliewen kréien | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 219. | D'Politësch Parteien iwerzegen, de Fraen fir Verantwortungsposten an der Partei an fir Wahlkandidaturen déi selwecht Chancen ze gin ewéi de Männer | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 220. | Erreechen dat, wann ee klëngt Kand krank ass, de Papp esou gudd ewéi d'Mamm doneem kann bleiwen fir et ze versuergen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 221. | Erreechen dat Fraen déi nët schaffen gin an hir Kanner opzéihen, dofir eng Pai kréien | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 222. | D'Fraen an enger onofhängeger Bewegung organiséieren fir d'Gesellschaft radikal ze veränneren | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |

223. Alles an allem: kënnt Dir mir soen wéi et Iech am Moment geet? Fillt Dir Iech richteg glécklech, zimmlech glécklech oder nët ganz glécklech?

1 - richteg glécklech
2 - zimmlech glécklech
3 - nët ganz glécklech
0 - ?

224/ 226. Wann Dir u Gléck denkt, wat ass dat fir Iech un éischter Plaatz? [ENQUETEUR: KAART G WEISEN]
An un zweeter Plaatz? An un drëtter Plaatz? NEMMEN ENG ENTWERT PRO KOLONN

| | 224. éischter | 225. zweeter | 226. drëtter |
|---|---|---|---|
| - eng gudd Gesondheet | 1 | 1 | 1 |
| - e gudd Bestiednes | 2 | 2 | 2 |
| - Kanner kréien | 3 | 3 | 3 |
| - an der Famill gud matenéen eenst gin | 4 | 4 | 4 |
| - sech gudd mat sengen Frënn verstoen | 5 | 5 | 5 |
| - genug Geld hun fir anstänneg ze liëwen | 6 | 6 | 6 |
| - interessant Saachen maachen | 7 | 7 | 7 |
| - genug Fräizäit hun | 8 | 8 | 8 |
| - fillen dat een nëtzlech fir déi Aner ass | 9 | 9 | 9 |
| - Unerkennung vun denen Léit hun, déi ee kennt (ausser der Famill) | X | X | X |

227/ 237. Ech hätt gären Är Menong iwert eng Rei wichteg Problemer. A wéiengem Moos sid Dir averstanen oder nët averstanen mat jidferenger vun denen folgenden Behaaptungen? [ENQUETEUR: KAART H WEISEN]

| | | ganz averstanen | éischter averstanen | nët averstanen | guer nët averstanen | ? |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 227. | Et misst méi ënnerhol gin fir d'Ennerscheeder tëschent de Päien méi kleng ze maachen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 228. | D'Atomenergie misst entwéckelt gin fir zukünfteg Energiebedürfnisser ze decken | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 229. | D'Zuel vun den Gesetzer, déi zu Lëtzebuerg bestin, misst erof gesat gin, awer déi een hält, missten besser ugewannt gin | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 230. | Fir de Chômeuren erem Aarbecht ze gin, missten déi die eng Aarbecht hun, akzeptéieren manner ze schaffen an manner ze verdéngen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 231. | Terrorismus misst méi staark bestrooft gin | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 232. | Et missten méi Privatindustrien verstaatlecht gin | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 233. | Westeuropa misst méi maachen fir sech eng genügend militäresch Verdeedegung ze versécheren | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 234. | D'Regierong misst manner an d'Leedong vun der Wirtschaft agräifen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 235. | Déi ekonomesch Hëllef fir d'Länner aus der Drëtter Welt misst gehéicht gin | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 236. | Et missten méi streng Mossnamen geholl gin fir d'Emwelt ze schützen an fir géint d'Emweltverschmotzung ze kämpfen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 237. | D'Bezirker missten zu Lëtzebuerg méi Autonomie kréien, dat heescht méi Fräiheet fir hir eegen Saachen ze regelen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |

238. Gëift Dir soen, dat Dir stolz sid, Lëtzebuerger ze sin, sid Dir ganz stolz, zimmlech stolz, nët ganz stolz oder guer nët stolz drop

1 - ganz stolz
2 - zimmlech stolz
3 - nët ganz stolz
4 - guer nët stolz
0 - ?

239. Kënnt et fir dat Dir Iech nët nëmmen als Lëtzebuerger fillt, awer och als Europäer?

1 .. oft
2 .. heiansdo
3 .. nie
0 .. ?

40. Et gët Lëit dëi denken, dat de Fridden méi wichteg ass wéi all aner Saachen, wéi z.B. eisen Liéwensstandard, eis Fräiheeten, Menschenrechter, etc.. Aner Lëit denken dat verschidden Saachen et verdengen dat een se verdeedecht, souguer op Risk vun engem Krich. Wat ass Är Menong dozou?

1 - de Fridden ass dat wichtegst
2 - aner Saachen kënnen méi wichteg sin
3 - aner Entwert, dat hängt dervun of (SPONTAN)
0 - ?

41/43. Hei ass eng Lëscht mat denen 9 aner Länner, dëi och wéi Lëtzebuerg zur Europäescher Gemeinschaft (och Marché Commun genannt) gehéieren.
ENQUETEUR: KAART I WEISEN

Gët et e Land op dëser Lëscht dem Dir Iech perséinlech fir egal wéieng Ursaach, méi no fillt ewéi denen aneren? Wéi eent? (NEMMEN ENG ENTWERT, KOLONN 241.)
Get et en zweet Land, dem Dir Iech méi no fillt ewéi denen aneren? (ENG ENTWERT, KOLONN 242.)
An emgedréint, wéie Land vun dëser Lëscht erschéngt Iech, fir egal wéieng Ursaach, ganz friëm? (ENG ENTWERT, KOLONN 243.)

| | 241. am nosten | 242. am zweetnosten | 243. am friemsten |
|---|---|---|---|
| BELGE | 1 | 1 | 1 |
| DÄNEMARK | 2 | 2 | 2 |
| DAITSCHLAND (BRD) | 3 | 3 | 3 |
| FRANKREICH | 4 | 4 | 4 |
| GRIECHENLAND | 5 | 5 | 5 |
| IRLAND | 6 | 6 | 6 |
| ITALIEN | 7 | 7 | 7 |
| HOLLAND | 9 | 9 | 9 |
| ENGLAND | X | X | X |
| KENG | Y | Y | Y |
| ? | 0 | 0 | 0 |

44. Ärer Menong no, wéieng wichteg Roll spillt am Moment d'Châmber am Liewen vun Lëtzebuerg, eng ...?

1 .. ganz wichteg
2 .. wichteg
3 .. nët ganz wichteg
4 .. guer nët wichteg
0 .. ?

45. Dir selwer, hätt Dir gären dat Châmber eng méi wichteg Fonktioun oder eng manner wichteg Fonktioun soll hun wéi bis elo?

1 - méi wichteg
2 - manner wichteg
3 - et soll selwecht bleiwen (SPONTAN)
0 - ?

46. Wann Dir ënner Frenn sid, kënnt et Iech dann dacks, heiansdo oder nie fir, iwert Politik ze schwätzen?

1 - dacks
2 - heiansdo
3 - nie
0 - ?

47/248. Et gët vill geschwat iwer d'Zieler dëi Lëtzebuerg sech misst fir dëi nächst 10 oder 15 Joer setzen. Op dëser Kaart stin Zieler dëi verschidden Leit gär als Prioritéit géingen gesinn. KAART J WEISEN
Kënnt Dir mir soen wat fir eent Dir perséinlech an op d'laang Dauer als dat Éischtwichtegst ugesitt?
An wat ass Ärer Menong no dat Zweetwichtegst? NEMMEN ENG ENTWERT AN ALL KOLONN

| 247. éischt | 248. zweet | |
|---|---|---|
| 1 | 1 | - d'Uerdnung am Land ze behalen |
| 2 | 2 | - de Bierger d'Méiglechkeet ze gin fir méi un denen wichtegen Entschedongen vun der Regierung deel ze huelen |
| 3 | 3 | - gëint Präissteigerungen ze kämpfen |
| 4 | 4 | - d'Fräiheet vun der Ried ze garantéieren (fir datt jidfereen dat soen a schreiwen kann, wat hien denkt) |
| 0 | 0 | - ? |

49. Loosse mer unhuelen dat wielen goen hei zu Lëtzebuerg nët obligatorësch wär: wann dann muer hei zu Lëtzebuerg Châmberwalen wären, géif Dir sécher oder wahrschweinlech stëmmen goen, oder géift Dir sécher oder wahrscheinlech nët stëmmen goen?

1 - géif sécher stëmmen
2 - géif wahrscheinlech stëmmen
3 - géif wahrscheinlech nët stëmmen
4 - géif sécher nët stëmmen
5 - dat hängt dervun of (SPONTAN)
0 - ?

50. Sid Dir am Allgemengen dofir oder dergéint datt probéiert gët Westeuropa ze vereenegen?
Sid Dir ...

1 .. ganz dofir
2 .. éischter dofir
3 .. éischter dergéint
4 .. ganz dergéint
0 .. ?

51. Dat Lëtzebuerg an der Europäescher Gemeinschaft ass, fannt Dir dat am Allgemengen ...

1 .. eng gutt Saach
2 .. eng schlecht Saach
3 .. weder eng gutt nach eng schlecht Saach
0 - ?

52/56. D'Lëit sin nët eens iwer d'Virdeeler an d'Nodeeler dëi Lëtzebuerg dovunner huet, dat et an der Europäescher Gemeinschaft ass. Ech liesen Iech elo a puer Beräicher fir, an fir jidfer Beräich géif ech gär wessen, ob d'Tatsaach dat Lëtzebuerg der Europäescher Gemeinschaft ugehéiert, e gudden, éischter e gudden, éischter e schlechten oder e ganz schlechten Effekt huet?

| | ganz gudd | éischter gudd | éischter schlecht | ganz schlecht | ? |
|---|---|---|---|---|---|
| 252. Fir eisen Liéwensstandard | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 253. Fir eis Landwirtschaft | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 254. Fir eis Industrie | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 255. Fir eisen Export | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 256. Fir d'Sécherheet vum Lëtzebuerger Land | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |

57. a) Alles an allem, géif Dir soen dat Lëtzebuerg dervun profitéiert huet oder nët dat et an der Europäescher Gemeinschaft ass?

a) 1 - huet profitéiert
2 - huet nët profitéiert
3 - ?

b) WA JO: huet Lëtzebuerg méi oder manner ewéi dëi aner Mêmberlänner profitéiert?

b) 4 - méi profitéiert
5 - manner profitéiert
6 - grad esou vill profitéiert (SPONTAN)
0 - ?

58. Am Laaf vun denen leschten 12 Mëint, ass do Ärer Menong no, d'Verstännegung tëschent de Länner aus der Europäescher Gemeinschaft (Marché Commun) am Grousse ganzen:

1 .. ëischter virugaangen
2 .. ëischter zeréckgaangen
3 .. d'selwecht bliwen
0 .. ?

59-61. Wéi oft ongeféier ...

| | | 259. Télé | 260. Zeidong | 261. Radio |
|---|---|---|---|---|
| .. kuckt Dir Neiegkeeten op der Televisioun? | - all Dag | 1 | 1 | 1 |
| .. liëst Dir an den Dageszeidongen politësch Aktualitéiten? | - e puer Mol an der Woch | 2 | 2 | 2 |
| .. lauschtert Dir Neiegkeeten um Radio? | - 1 oder 2 Mol an der Woch | 3 | 3 | 3 |
| | - manner oft | 4 | 4 | 4 |
| | - nie | 5 | 5 | 5 |
| | ? | 0 | 0 | 0 |

62. Huet Dir an leschter Zäit an den Zeidongen eppes gelies oder um Radio oder um Fernsen eppes héieren iwert Europaparlament?

1 - Jo
2 - nee ——→ FRO 264.
0 - ?

63. Kënnt Dir Iech erënneren ëm wat et do gaangen ass?

(NAISCHT VIRSCHLOEN AN DEM P.I. ZÄIT LOOSSEN)

1 - Europawalen, Walen vun Deputéierten vum Europaparlament
2 - eng aner Entwert iwert d'Europaparlament, sei President, seng Debaen, seng Decisiounen etc.
3 - Eng Entwert déi näischt mam Europaparlament ze din huet
0 - ?

64. An dat wat Dir an leschter Zäit gelies oder héieren huet, huet dat Iech ëischter e gudden oder ëischter e schlechten Androk vum Europaparlament gin?

1 - ëischter e gudden Androk
2 - ëischter e schlechten Androk
3 - weder gutt nach schlecht (SPONTAN)
0 - ?

Am Europaparlament sin Vertrieder vun verschiddene Länner. Vun denen dräi Entwerten hei, wéieng ass do richteg?
1 - et gët Vertrieder vun verschiddene Länner vun der Europäescher Gemeinschaft, ma nët vun alle Mëmberlänner
2 - et gët Vertrieder vun alle Länner vun der Europäescher Gemeinschaft
3 - et gët Vertrieder vun alle Länner vun Westeuropa
0 - ?

66. Ewéi gët een Mëmber vum Europaparlament? Gët een vun der Regierong ernannt oder vun den Bierger gewielt?

1 - vun der Regierong ernannt
2 - vun den Bierger gewielt
0 - ?

67. Ärer Menong no, wéi eng wichteg Roll spillt am Moment d'Europaparlament am Liewen vun der Europäescher Gemeinschaft .. ?

1 .. ganz wichteg
2 .. wichteg
3 .. nët ganz wichteg
4 .. guer nët wichteg
0 .. ?

68. Wat d'Problemer ugeet, déi Europa am Moment huet, méngt Dir dat d'Europaparlament do vill, zimmlech vill, wéineg oder ganz wéineg maachen kann?

1 - vill
2 - zimmlech vill
3 - wéineg
4 - ganz wéineg
0 - ?

69. Dir selwer, hätt Dir gären dat d'Europaparlament eng méi wichteg Fonktioun oder eng manner wichteg Fonktioun soll hun, wei bis elo?

1 - méi wichteg
2 - manner wichteg
3 - et soll selwecht bleiwen (SPONTAN ENTWERT)
0 - ?

70. Alles an allem, denkt Dir dat d'Europaparlament seng Aarbech gutt mécht oder nët gutt mécht?

1 - gutt mécht
2 - nët gutt mécht
0 - ?

71-74. Hei ass eng Rei vu Problemer, déi sech am Moment stellen. Kënnt Dir mir fir all Problem soen, ...
a) ob et besser ass dat Decisiounen vun all Land eenzel geholl sollen gin oder vun allen Länner aus der Europäescher Gemeinschaft zesummen? (ENQUETEUR: KAART K WEISEN)
b) wéieng vun dësen Problemer erschéngen Iech als déi 3 wichtegst?

| | 271 eenzel | 272 zesummen | 273 ? | 274 déi 3 wichtegst |
|---|---|---|---|---|
| - D'Ennerscheeder zwëschent den Regiounen méi kleng maachen, andeems deenen manner entwéckelten Regiounen gehollef gët | 1 | 1 | 1 | 1 |
| - D'Natur schützen a géint Verschmotzung kämpfen | 2 | 2 | 2 | 2 |
| - Géint Präissteigerungen kämpfen | 3 | 3 | 3 | 3 |
| - D'Wirtschaft ukuerbelen fir besser géint de Chômage ze kämpfen | 4 | 4 | 4 | 4 |
| - D'Energieversuergung garantéieren | 5 | 5 | 5 | 5 |
| - De Länner aus der Drëtter Welt hëllefen | 6 | 6 | 6 | 6 |
| - D'Sécherheet vu Lëtzebuerg garantéieren géint momentan oder zukünfteg Drohungen vu baussen | 7 | 7 | 7 | 7 |

75. Wann een Iech muer géif soen, dat d'Europäesch Gemeinschaft opgeléist géif gin, géngt Dir dat staark bedauern, wär Iech dat egal oder wär Dir séier erliichtert?

1 - staark bedaueren
2 - et wär egal
3 - ech wär séier erliichtert
0 - ?

276. Et gët verschidden Opfaassungen iwert d'Zukunft vun der Europäescher Gemeinschaft [KAART L WEISEN]. Wéieng vun dësen dräi Behaaptungen kënnt Ärer Menong am noesten?

1 - d'Europäesch Gemeinschaft misst nët nemmen e gewielten Parlament hun wéi bis elo, mä och eng richteg Regierong, déi dat lescht Wuert a wichtege Beräicher hät
2 - d'Europäesch Gemeinschaft soll virun fueren wéi bis elo, dat heescht seng eege Roll virunspillen mat derselwechter Macht
3 - déi richteg Macht Decisiounen ze huelen soll ëmmer bei de Regierongen vun de verschiddenen Mêmberlänner leien.
4 - aner Entwert (SPONTAN) : OPSCHREIWEN ..........................................................................
0 - ?

277. An wat elo méi speziell d'Auslandspolitik ugeet, wéieng vun dësen dräi Behaaptungen [KAART M WEISEN] kënnt Ärer Menong am noesten?

1 - d'Regierongen vun de Länner aus der Europäescher Gemeinschaft sollen fir sech selwer decidéieren ouni déi aner ze froen
2 - d'Regierongen vun de Mêmberlänner sollen sech beroden ier sie eppes maan, awer keng Regierong muss sech un d'Positioun vun der Majoritéit halen
3 - d'Regierongen vun de Länner aus der Europäescher Gemeinschaft sollen zesummen decidéieren wat gemaacht soll gin, an jidvereng muss sech dann un Decisiounen vun der Majoritéit halen
4 - aner Entwert: (SPONTAN) OPSCHREIWEN: ..........................................................................
0 - ?

278. Déi éischt Wahlen fir Deputéierten vum Europaparlament duerch all Bierger déi Stëmmrecht haten, waren am Juni 1979. Dir selwer, sid Dir wielen gangen?

1 - jo
2 - nee
3 - wees et nët méi (hat den Alter nët)
0 - ?

279. Déi nächst Wahlen vum Europaparlament sin 1984. Denkt Dir dat zu Lëtzebuerg, am Vergläich mat de Chamberwahlen, fill méi Léit, e bësschen méi Léit, ongeféier grad esou vill Léit, e bësschen manner Léit oder vill manner Léit wielen wärten?

1 - vill méi
2 - e bësschen méi
3 - ongeféier grad esou vill
4 - e bësschen manner
5 - vill manner
0 - ?

280. Loosse mer unhuelen dat wielen goen hei zu Lëtzebuerg nët obligatorësch wär: Sowäit wéi Dir et elo schon soen kënnt, géingt Dir déi nächst Europawahlen, sécher oder wahrscheinlech stëmmen oder géift Dir sécher oder wahrscheinlech nët stëmmen goen?

1 - géif sécher stëmmen
2 - géif wahrscheinlech stëmmen
3 - géif wahrscheinlech nët stëmmen
4 - géif sécher nët stëmmen
5 - dat hängt dovun of (SPONTAN)
0 - ?

331. [KAART N WEISEN] Wann et iwer Politik geet, schwätzen d'Leit vu "Rechts" a "Lénks". Wou géingt Dir Iech selwer unhand vun dësem Skalaire situéieren?
NÄISCHT VIRSCHLOEN: P.I. MUSS SECH AN ENG CASE ASETZEN. WANN SIE ZECKT, DROP HALEN.

| | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| LENKS | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 | RECHTS |
| | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | X | ? = blank |

332. [KAART O WEISEN] Op dëser Kaart gesid Dir dräi fundamental Haltungen déi ee vis-à-vis vun der Gesellschaft an der mir liewen kennt hun. Wat fir eng vu denen dräi Haltungen kent am meeschten op déi eraus, déi Dir perséinlech fir richteg haalt? NEMMEN ENG ENTWERT

1 - d'Organisatioun vun eiser jetzeger Gesellschaft muss radikal duerch eng revolutionnär Aktioun geännert gin
2 - eis Gesellschaft muss Schrëtt fir Schrëtt duerch Reformen verbessert gin
3 - eis Gesellschaft muss mat Courage géint all méiglech subversiv Kräften verdeedegt gin, déi probéieren géifen sie ëmzestierzen
0 - ?

333. Gët et eng politesch Partei der Dir méi no stitt ewéi enger anerer?
WA JO: Fillt Dir Iech ganz staark mat dëser Partei verbonnen, zimmlech verbonnen oder sympathiséiert Dir nëmmen?

1 - staark verbonnen
2 - zimmlech verbonnen
3 - ech sympathiséieren nëmmen
4 - ech stin kenger Partei no
0 - ?

334. Sou vill Dir wësst, befaasst dës Partei sech schon vill, e bësschen oder nach guer nët mat der Virbereedong vun den Europawahlen vun 1984?

1 - vill
2 - e bësschen
3 - nach guer nët
0 - ?

335/337. Gët et Fraen ..

| | Jo | Ne | ? |
|---|---|---|---|
| 335 .. an Ärem Gemengerot | 1 | 2 | 0 |
| 336 .. an der Chamber | 1 | 2 | 0 |
| 337 .. am Europaparlament | 1 | 2 | 0 |

338/340. Géifen Saachen besser oder méi schlecht laafen, wann wirklech méi Fraen ..

| | besser | schlecht | selwecht | ? |
|---|---|---|---|---|
| 338 .. an Ärem Gemengerot wären | 1 | 2 | 3 | 0 |
| 339 .. an der Chamber wären | 1 | 2 | 3 | 0 |
| 340 .. am Europaparlament wären | 1 | 2 | 3 | 0 |

341. Wësst Dir op et hei zu Lëtzebuerg Gesetzer gët déi de Fraen erméiglechen ze fuerderen op hirer Aarbecht d'selwecht behandelt ze gin ewéi d'Männer?
WA JO: gin dës Gesetzer ugewannt?

1 - et gët der an sie gin ugewannt
2 - et gët der an sie gin nët ugewannt
3 - et gët keng
0 - ?

342. Wësst Dir ob irgendwelch Institutiounen vun der Europäiescher Gemeinschaft séch mat de Problemer vun der Gleichheet vun Mann an Fra wat d'Aarbechtskonditiounen ugeet bekëmmeren?
WA JO: Denkt Dir dat hir Aktioun eppes brëngt oder nët?

1 - et gët sech drëm bekëmmert and et brëngt eppes
2 - et gët sech drëm bekëmmert, awer et brëngt näischt
3 - et gët sech nët drëm bekëmmert
0 - ?

343. Am Allgemengen, an wéiweit sid Dir mam Liewen wat Dir am Moment féiert zefridden? ENQUETEUR: KAART P WEISEN
"0" heescht dat Dir mam Liewen wat Dir féiert guer nët zefridden sid an "10" heescht dat dir ganz zefridden sid.

| Guer nët zefridden | 0 | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 | ganz zefridden |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | 0 | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | X | ? = blank |

344. An op der selwechter Kaart, kënnt Dir mir soen wéi zefridden dir misst sin wann Dir gutt iwerleet?

| Guer nët zefridden | 0 | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 | ganz zefridden |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | 0 | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | X | ? = blank |

345/
353. Wat wär fir Iech déi ideal politesch Partei?
Ech liesen Iech elo eng Serie vun all Kéiers 2 Beschreiwungen vun politesch Parteien: Kënnt Dir all Kéiers déi Beschreiwung wielen déi am beschten bei Är ideal politesch Partei passt?

345. 1 - Eng Partei déi séch em all Bevölkerungsschichten bekëmmert
2 - ODER eng Partei déi virun allem d'Rechter vun dem professionnellen oder sozialen Grupp, zou dem dir geheiert, verdeedegt.
0 - ?

346. 1 - Eng richteg Partei vun hei, déi kéng Kontakter mat politeschen Parteien am Ausland sicht
2 - ODER eng Partei déi Kontakter mat Parteien vun der selwechter Tendenz an aneren Länner ënnerhält
0 - ?

347. 1 - Eng Partei déi séch op eng Doktrin baséiert, (wéi z.B. Marxismus, Sozialismus, Liberalismus oder Nationalismus)
2 - ODER eng Partei déi séch op chrëstlech Werter baséiert
0 - ?

348. 1 - Eng Partei wou d'Majoritéit vun de Memberen zum selwechten sozialen Grupp geheiert
2 - ODER eng Partei déi Memberen aus allen sozialen Kategorien huet
0 - ?

349. 1 - Eng Partei déi eisen politeschen Regime verdeedegt
2 - ODER eng Partei déi eisen politëschen Regime radikal veränneren wëllt
0 - ?

350. 1 - Eng grouss Partei
2 - ODER eng kleng Partei
0 - ?

351. 1 - Eng Partei déi mat der Vergangenheet Schluss wéil maachen an eng ganz néi Gesellschaft grenden wëll
2 - ODER eng Partei déi d'Werter vun eiser Zivilisatioun respektéiert
0 - ?

352. 1 - Eng Partei déi léiwer nët regéiert, wéi dat se Concessiounen mecht
2 - ODER eng Partei déi ëischter bereed ass Concessiounen ze maachen, wéi dat se nët mat regéiert
0 - ?

353. 1 - Eng Partei déi séch den Emstänn upasst
2 - ODER eng Partei déi hiren Programm hält, egal wat kënnt
0 - ?

354/
356. Ech zielen Iech elo a puer politesch Bewegungen op. ENQUETEUR: KAART Q WEISEN Kënnt Dir mir all Kéiers soen, ob ët méiglech ass oder op ët ausgeschloss ass, dat Dir enges Daags fir eng Partei wielt, worobber déi folgend Beschreiwung passt:

| | 354 méglech | 355 ausgeschloss | 356 ? |
|---|---|---|---|
| extrem rechts | 1 | 1 | 1 |
| extrem lënks | 2 | 2 | 2 |
| nationalistesch | 3 | 3 | 3 |
| sozialistesch | 4 | 4 | 4 |
| chrëstlech demokratesch | 5 | 5 | 5 |
| kommunistesch | 6 | 6 | 6 |
| fascistesch | 7 | 7 | 7 |
| konservativ | 8 | 8 | 8 |
| ecologesch | 9 | 9 | 9 |
| liberal | X | X | X |

357. Ofgesin dervun ob Dir an d'Kiirch git oder nët, géif Dir soen dat Dir ..

1 .. religiéis sid
2 .. nët religiéis sid
3 .. en iwerzeegten Athéist sid
0 .. ?

358. A wéiengem Mos ass Gott wichteg an Ärem Liewen? ENQUETEUR: KAART R WEISEN.

| GUER NET WICHTEG | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 | GANZ WICHTEG |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | X | ? = blank |

359. Spielen Är religiéis Iwerzeegungen eng Roll an Ären politëschen Preferenzen?

1 - jo
2 - nee
0 - ?

KODE VUN DER NÄCHSTER FRO AN D'KOLONN 80 ADROEN -- KODEUR OPPASSEN

50. Wat as Är Religioun?

1 - kathoulesch
2 - protestantesch
3 - aner WEIENG ................
4 - guer keng
0 - ?

60. Wéi ass Ären Zivilstand, sid Dir ...

1 - Jonggesell
2 - bestued
3 - liéft Dir zesummen
4 - sid Dir gescheed
5 - liéft Dir getrennt
6 - sid Dir Wittmann/fra

61. Wéi al waart Dir wéi Dir mat Ärer (ganztäglechen) Studien opgehalen huet?

1 - bis 14 Joer
2 - 15 Joer
3 - 16 Joer
4 - 17 Joer
5 - 18 Joer
6 - 19 Joer
7 - 20 Joer
8 - 21 Joer
9 - 22 Joer oder méi
X - studéiert nach

62. Wann am Moment hei zu Lëtzebuerg Chamberwale géife gehale gin, wat fir enger Partei géift Dir dann di meeschte Stëmmen gin?

1 - C.S.V.
2 - L.S.A.P.
3 - D.P.
4 - K.P.
5 - P.S.I.
6 - écologistes
7 - aner Partei
8 - wäiss/kéng Partei
0 - ?

66. Geschlecht P.I.

1 - Mann
2 - Fra

67/8 Wéini gebuer? 19..

An wéi al? ... Joer

69. Wéivill Leit liewen an Ärem Stot, Dir selwer abegraff? 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi
70. Wéivill Kanner tëschent 8 a 15 Joer? 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi
71. Wéivill Kanner ënnert 8 Joer? 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi

.. Mir wëllen d'Resultater vun dëser Etude am Vergläich zum Familjenakommes vun de Leit analyséieren. Hei ass eng Monatsakommestabell. [KAART AKOMMES WEISEN.] Mir géife gäre wëssen a wat fir e Niveau Dir Iech situéiert mat alle Verdéngschter an Ärem Stot, ewéi Léin, Kannergeld, Renten an aner Akommes zesummen, an dat Brutto, also ouni dass d'Steieren an d'Soziallaaschten ofgehale sin. Sot mir nëmmen d'Nummer vun der Kategorie.

1 Manner ewéi 20.000 Frang am Mount
2 20.000 bis 29.999 Frang am Mount
3 30.000 bis 34.999 Frang am Mount
4 35.000 bis 39.999 Frang am Mount
5 40.000 bis 44.999 Frang am Mount
6 45.000 bis 54.999 Frang am Mount
7 55.000 bis 64.999 Frang am Mount
8 65.000 bis 79.999 Frang am Mount
9 80.000 bis 94.999 Frang am Mount
X 95.000 bis 109.999 Frang am Mount
Y 110.000 a méi am Mount

73. BERUFF VUM P.I. OPSCHREIWEN AN KODEIEREN

........................

1 - Bauer oder Wënzer
2 - Fräiberufler
3 - Commerçant, Artisan, Patron
4 - Aarbechter
5 - Employee oder Fonktionnär bis cadre moyen
6 - Employee oder Fonktionnär cadre supérieur
7 - Pensionnéierten
8 - Hausfra/mann
9 - Student oder Schüler
0 - Chômeur

374. NEMMEN WANN DE P.I. E BERUFF HUET
Wéivill Leit schaffen do wou Dir schafft?

1 - manner ewéi 5
2 - 5 bis 49
3 - 50 bis 499
4 - 500 a méi

375. Sid Dir de Familjenvirstand?

1 Jo NÄCHST FRO IWERSCHLOEN
2 Nee

376. BERUFF VUM FAMILJENVIRSTAND?

............................

1 - Bauer oder Wënzer
2 - Fräiberufler
3 - Commerçant, Artisan, Patron
4 - Aarbechter
5 - Employee oder Fonktionnär bis cadre moyen
6 - Employee oder Fonktionnär cadre supérieur
7 - Pensionnéierten
8 - Hausfra/mann
0 - Chômeur

377.

| | | | |
|---|---|---|---|
| 0 - Berg | 1 - Bascharage | 0 - Bettborn | 0 - Betzdorf |
| 0 - Heffingen | 2 - Bettembourg | 0 - Bettendorf | 0 - Dalheim |
| 0 - Larochette | 3 - Differdange | 2 - Diekirch | 1 - Echternach |
| 5 - Luxembourg | 3 - Dudelange | 0 - Ell | 1 - Grevenmacher |
| 1 - Mersch | 4 - Esch | 2 - Ettelbrück | 0 - Manternach |
| 1 - Strassen | 0 - Frisange | 0 - Feulen | 0 - Remich |
| 2 - Walferdange | 0 - Hobscheid | 0 - Hosingen | 0 - Stadtbredimus |
| 2 - Hesperange | 2 - Kayl | 0 - Mertzig | 0 - Wormeldange |
| | 1 - Kopstal | 0 - Munshausen | |
| | 2 - Mamer | 0 - Neunhausen | |
| | 1 - Mondercange | 0 - Weiswampach | |
| | 3 - Pétange | 0 - Wilwerwiltz | |
| | 3 - Sanem | | |
| | 2 - Schifflange | | |
| | 0 - Septfontaines | | |

Gëift Dir soen dass Dir wunnt an enger ...

1 .. ländlecher Gëigend; Duerf
2 .. klenger oder mëttelgrousser Stad
3 .. grousser Stad

379. 1 - ZENTRUM 2 - SUDEN 3 - NORDEN 4 - OSTEN

REMARKEN VUM ENQUETEUR IWER:
- de Verlaaf vum Interviewgespréich:

- d'Reaktiounen vum P.I. op dem Questionnaire an d'Gespréichsthemen:

ERKLÄRUNG VUM ENQUETEUR

Ech erklären dass dëse Protokoll richteg an ëierlech d'Interviewgespréich erëmgët dat ech selwer geféiert hun mat enger Persoun, déi mir virdrun nët perséinlech bekannt war.
D'Gespréich an d'Selektioun vun der P.I. sin alle Regelen no gemat gin, an de Protokoll ass während dem Gespréich ausgefëllt gin.

DATUM ..........................................................

DAUER VUM GESPRÉICH ........................................

ENNERSCHREFT ..................................................

NUMM ENQUETEUR ..............................................

Contrôlé par:

Carte de contrôle:

Contrôle téléphonique:

K A A R T

# A

- Sozial Hëllefsgruppen, Wohltätegkeetsorganisatiounen

- Religiéis- oder Parorganisatiounen

- Kulturell- Edukatif- oder Konschtgruppen

- Gewerkschaften oder Berufsorganisatiounen

- Politesch Parteien oder Bewegungen

- Organisatiounen déi sech em Mënschenrechter zu Lëtzebuerg an am Ausland bekëmmeren

- Naturschutz, Déierenschutz, Mouvement Ecologique

- Jugendorganisatiounen (Scouten, Guiden, Club des Jeunes etc.)

- Konsumentenschutz

- Fraenassociatiounen

- Sportsveräiner

KAART

# B

KEEN PROBLEM 0 1 2 3 4 5 6 7 8 9 10 E WICHTEGEN PROBLEM

K A A R T

# C

- Eng Famill wou déi 2 Partner e Beruf hun, dee se am gläichen Moos an Usproch hëlt, an wou d'Versuergen vun Haus a Kanner gläich zwëschen denen zwee Partner verdeelt ass

- Eng Famill wou d'Fra eng manner belaaschtend Aarbecht huet ewéi de Mann, an wou sie sech méi ewéi de Mann em d'Versuergen vun Haus a Kanner bekëmmert

- Eng Famill, wou de Mann eleng e Beruf huet an wou d'Fra de Stot mecht

- Keen vun dësen dräi Typen vu Familjen

K A A R T

# D

- ech konnt keng Arbecht fannen
- mäin Mann hat léiwer dat ech dohem bleiwen
- ech hun an der Zäit nët drun geduecht
- meng Familjenaufgaben hun mech dervun ofgehaalen
- ech hun meng Aarbecht verluer an konnt keng aner fannen
- aneren Grond

K A A R T

# E

- e gudden Verdëngscht

- eng fest Plaatz ouni Risk entlooss ze gin

- mat Léit schaffen, déi Iech sympathesch sin

- eng Aarbecht, déi Iech d'Gefill gët eppes geleescht ze hun

- eng Deelbeschäftigung

- eng Aarbecht mat flexibeler Aarbechtszaït

KAART

# F

- Gëint Virurdeeler kämpfen, déi am Allgemengen d'Fraen an enger ennergeuerdneter Roll zum Mann wëllen halen, esouwuel an der Famill ewéi an der Gesellschaft

- Eng wirklech Gleichberechtigung vun Mann a Fra am Berufsliewen kréien

- D'Politesch Parteien iwerzegen, de Fraen fir Verantwortungsposten an der Partei an fir Wahlkandidaturen déi selwecht Chancen ze gin ewéi de Männer

- Erreechen dat, wann ee klëngt Kand krank ass, de Papp esou gudd ewéi d'Mamm doheem kann bleiwen fir et ze versuergen

- Erreechen dat Fraen déi nët schaffen gin an hir Kanner opzéihen, dofir eng Pai kréien

- D'Fraen an enger onofhängeger Bewegung organiséieren fir d'Gesellschaft radikal ze veränneren

KAART

# G

- eng gudd Gesondheet
- e gudd Bestiednes
- Kanner krêien
- an der Famill gudd matenéen eens gin
- sech gudd mat sengen Frënn verstoen
- genug Geld hun fir anstänneg ze liêwen
- interessant Saachen maachen
- genug Fräizäit hun
- fillen dat een nëtzlech fir dêi Aner ass
- Unerkennung vun denen Lëit hun, dêi ee kennt (ausser der Famill)

## K A A R T

# H

- Et misst méi ënnerhol gin fir d'Ennerscheeder tëschent de Päien méi kleng ze maachen

- D'Atomenergie misst entwéckelt gin fir zukünfteg Energiebedürfnisser ze decken

- D'Zuel vun den Gesetzer, déi zu Lëtzebuerg bestin, misst erof gesat gin, awer déi die een hält, missten besser ugewannt gin

- Fir de Chômeuren erem Aarbecht ze gin, missten déi die eng Aarbecht hun, akzeptéieren manner ze schaffen an manner ze verdéngen

- Terrorismus misst méi staark bestrooft gin

- Et missten méi Privatindustrien verstaatlecht gin

- Westeuropa misst méi maachen fir sech eng genügend militäresch Verdeedegung ze versécheren

- D'Regierong misst manner an d'Leedong vun der Wirtschaft agräifen

- Déi ekonomesch Hëllef fir d'Länner aus der Drëtter Welt misst gehéicht gin

- Et missten méi streng Mossnamen geholl gin fir d'Emwelt ze schützen an fir géint d'Emweltverschmotzung ze kämpfen

- D'Beziirker missten zu Lëtzebuerg méi Autonomie kréien, dat heescht méi Fräiheet fir hir eegen Saachen ze regelen

# K A A R T

# I

- BELGE
- DÄNEMARK
- DÄITSCHLAND (BRD)
- FRANKREICH
- GRIECHENLAND
- IRLAND
- ITALIEN
- HOLLAND
- ENGLAND

K A A R T

# J

- d'Uerdnung am Land ze behalen

- de Bierger d'Méiglechkeet ze gin fir mēi un denen wichtegen Entschedongen vun der Regierung deel ze huelen

- gēint Präissteigerungen ze kämpfen

- d'Fräiheet vun der Ried ze garantéieren (fir datt jidfereen dat soen a schreiwen kann, wat hien denkt)

K A A R T

# K

- D'Ennerscheeder zwëschent den Regiounen méi kleng maachen, andeems deenen manner entwéckelten Regiounen gehollef gët

- D'Natur schützen a géint Verschmotzung kämpfen

- Géint Präissteigerungen kämpfen

- D'Wirtschaft ukuerbelen fir besser géint de Chômage ze kämpfen

- D'Energieversuergung garantéieren

- De Länner aus der Drëtter Welt hëllefen

- D'Sécherheet vu Lëtzebuerg garantéieren géint momentan oder zukünfteg Drohungen vu baussen

K A A R T

# L

- d'Europäesch Gemeinschaft misst nët nemmen e gewielten Parlament hun wéi bis elo, mä och eng richteg Regierong, déi dat lescht Wuert a wichtege Beräicher hät

- d'Europäesch Gemeinschaft soll virun fueren wéi bis elo, dat heescht seng eege Roll virunspillen mat derselwechter Macht

- déi richteg Macht Decisiounen ze huelen soll ëmmer bei de Regierongen vun de verschiddenen Mêmberlänner leien

KAART

# M

- d'Regierongen vun de Länner aus der Europäescher Gemeinschaft sollen fir sech selwer decidéieren ouni déi aner ze froen

- d'Regierongen vun de Mêmberlänner sollen sech beroden ier sie eppes maan, awer keng Regierong muss sech un d'Positioun vun der Majoritéit halen

- d'Regierongen vun de Länner aus der Europäescher Gemeinschaft sollen zesummen decidéieren wat gemaacht soll gin, an jidvereng muss sech dann un Decisiounen vun der Majoritéit halen

KAART

# N

| LENKS | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 | RECHTS |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|

KAART

# O

- d'Organisatioun vun eiser jetzeger Gesellschaft muss radikal duerch eng revolutionnär Aktioun geännert gin

- eis Gesellschaft muss Schrëtt fir Schrëtt duerch Reformen verbessert gin

- eis Gesellschaft muss mat Courage géint all méiglech subversiv Kräften verdedegt gin, déi probéieren géifen sie ëmzestierzen

KAART

# P

| GUER NET ZEFRIDDEN | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 | GANZ ZEFRIDDEN |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|

# K A A R T
# Q

- extrem rechts

- extrem lênks

- nationalistesch

- sozialistesch

- chrëstlech demokratesch

- kommunistesch

- fascistesch

- konservativ

- ecologesch

- liberal

K A A R T

# R

| GUER NET WICHTEG | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 | GANZ WICHTEG |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|

# K A A R T   P A R T E I E N

- C.S.V.
- L.S.A.P.
- D.P.
- K.P.
- P.S.I.
- ECOLOGISTES
- ANER PARTEI
- WÄISS/KENG PARTEI

# K A A R T   A K O M M E S

1 - MANNER EWÉI 20.000 FRANG AM MOUNT

2 - 20.000 BIS 29.999 FRANG AM MOUNT

3 - 30.000 BIS 34.999 FRANG AM MOUNT

4 - 35.000 BIS 39.999 FRANG AM MOUNT

5 - 40.000 BIS 44.999 FRANG AM MOUNT

6 - 45.000 BIS 54.999 FRANG AM MOUNT

7 - 55.000 BIS 64.999 FRANG AM MOUNT

8 - 65.000 BIS 79.999 FRANG AM MOUNT

9 - 80.000 BIS 94.999 FRANG AM MOUNT

X - 95.000 BIS 109.999 FRANG AM MOUNT

Y - 110.000 A MÉI AM MOUNT